Eng KLACK fir eis Sprooch

N°111

Actioun Lëtzebuergesch – Eis Sprooch
53a, Glesenerstrooss | L-1631 Lëtzebuerg-Gare
Tel.: 470 612 | Fax: 222 490
E-Mail: friedjan@pt.lu | faberre@pt.lu | lexroth@pt.lu

Cotisatioun/Member: 13 € – CCPL IBAN LU75 1111 0066 4448 0000

Eise Comité an d'Redaktioun:
Claude Bache; René Faber; Jeanny, Pierre-Paul a Michel Friederich; Henri Marbes; Lex Roth; Roby Zenner; Pol Wilmes a Marvine V.

Nächst Klack: (N°112): 2. Juli 2005

Nei Grammaire?

Mir ware frou, ze liesen an ze gesinn, datt de Schoulministère e Grupp vu Leit ugestallt huet, fir **eng Zort "Schoulgrammaire"** auszeschaffen. Mir hunn och en éierleche Merci fir jidferee vun deem Grupp, well mir fir alles sinn, wat an eiser Sprooch a fir si gemaach gëtt.

Datt d'Actioun-Lëtzebuergesch - déi bekannterweis an noweisbar 1977 déi alleréischt ëffentlech Lëtzebuergesch - Coursë fir Ausländer ausgeschafft, ageféiert, organiséiert a gehal huet – bei deer Saach **weder fir Mataarbecht gefrot nach mat deem allermannste Pipjeswiertchen ernimmt** guf, dat schwätzt net géint d'Saach, mä garantéiert net fir d'Leit, déi elo, ee Gléck! d'Wichtegkeet vun eiser Sprooch och fir d'Integratioun erausfonnt hunn.

« Kommt, mir léiere Lëtzebuergesch » huet eist Buch geheescht, dat mir 1976 fir dës Coursë gemaach haten. Fir eis Aarbecht an eisen Asaz: Null Frang! Mir sinn och als Veräin materiell fir alles selwer opkomm! D'Buch guf mat der Zäit ëmmer erëm iwwerschafft, woufir mir besonnesch eisem Frënd a Kolleg, dem Professer Jos. Hargarten iwwer d'Graf eraus e grousse Merci schëlleg bleiwen. Dat Buch mat den Orange-Deckelen ass ronn **300 Säiten déck gin, wäit iwwer 30 000 mol gedréckt an haut nach ëmmer en absolutte "Renner"**; dir kritt et (mat oder ouni CD) op eisen Adressen. Mat **"Da lass!"**…war vun Ufank un, trotz de puer Dose (Bréisseler) Milliounen, déi et kascht hat / huet…net sënnerlech vill lass. Mat **"Moien!"** ass et net vill besser. Vu fundamentaler Pädagogik aus gekuckt, ass do net vill « Middel a kee Kiddel » drun an drëm. Vrun allem guf / gëtt an dëse Spillereien déi strukturell ("morphologesch a syntaktesch") Säit iwwergaang, déi fir d'Léiere vun enger Sprooch an engem Schoul-Milieu gebraucht gëtt! Eiser Spréchwierder eent: "Vill Gebraddels an net vill Gestécks gëtt moer Zoppen". Mat nëmmen (deierem) **Theater a "Spaass", ouni konsequent grammatescht "Sécherheetsnetz"**, ouni Exercicen, ouni e verstännegen a verständleche Vocabulaire, bleift eng Sprooch an engem Schoulsystem an der Loft hänken…mir hunn dach gesinn, wéi wäit mir z.B. mat deene sëllechen "Experimenter" zënter de 70er Joeren am Franséische komm sinn! Nujee, et ass, wéi et schéngt, no an no verstan ginn.

Elo also dann eng "NEI" Grammaire. **Dem Professer Robert Bruch seng "Luxemburger Grammatik" (Edit./Section de Linguistique de l'Institut gr.-d.) gëtt mat engem gespëtzte Mëndchen ewech gewéitscht** : Ze al; zevill hei an do…Mä wien dem Topspezialist Prof. Dr. Bruch säi "Précis populaire de grammaire luxembourgeoise" kennt, dee weess, datt et sech hei ëm eng wëssenschaftlech Aarbecht handelt, déi ganz kloer ni als Schoulbuch, als "manuel scolaire" geduecht war. Den Titel war vläicht just eng Grimmel onglécklech geroden. Dës Explikatioun sinn a bleiwe mir dem Här Bruch sengen immense Verdéngschter schëlleg!

Zugudderlescht, an ouni nozehalen, leeë mir eise Lieser déi nei "Grammaire de la langue luxembourgeoise" vum "Service de la formation des adultes » waarm un hirt Sproochen-Häerz…well et äis ëm d'Saach gong/geet! Deen aremséilegen, leider ower typeschen (topegen) 'Handwierksnäid' ass eises näischt. Dir kritt dës "Grammaire vun der Lëtzebuerger Sprooch » fir dee ganz intressante Präiss vun **12€ ; kaaft se !** - ■ **P.W.**

Photo: (M.V.)

Deen herrleche Léiwekapp vum RODANGE-REENERT- Kulturwee zu Wolz ass net nëmmen 1,80 m am Duerchmiesser grouss, net nëmmen aus fantasteschem griechesche Marber erausgeha… hien ass, vun no an am Detail gekuckt, en absolutt Meeschterwierk an illustréiert déi zwou éischter Strophen aus dem REENERT perfekt. Hien eleng wier ewell en Tierchen op Wolz wert! Sidd dir schonn do gewiescht?

Alzheimer?!

Den Numm vum **Nervendokter a Breslauer Professer Alois Alzheimer** steet haut fir eng schuddereg Krankheet, deer hien ongefeier ëm den Ufank vum 1. Weltkrich wëssenschaftlech op der Spur war. Natierlech ass et déi freeschlech Kränkt **och ewell virun him ginn**… a leider si « mir » si haut nach net meeschter. Ëmsou méi muss ee fir d'Aarbecht vun all deenen säi Respekt a Merci hunn, déi sech an de Famillen oder ëffentlech ëm déi Alzheimer-Krank bekëmmeren.

Eis Sprooch dann an deer schroer Saach? Mä iert **méi elegant vun « DEMENZ » an Alzheimerkrankheet** geschwat guf, ass si, wéi esou sëlleche Krankheeten, zimlech verschimmt a verhuel verdréckt ginn. Et guf gesot, de Pätter wier « verkënnt », d'Bomi wier « bausst de Kapp », si wieren « dolaanscht », et wier « kee méi doheem »…an dat ass mam Fanger um Schlof méi däitlech gewise ginn. **Ee Gléck huet nach laang net jidfereen Alzheimer, dee méi oder manner « vergësserlech » ass**. Wiem vun äis ass dann nach näischt **« ausdenkeg »** ginn?…en typesch lëtzebuergeschen Ausdrock, deen et gif verdéngen, erëm an de Sproochgebrauch ze kommen…well och do gëtt esou vill äis…ausdenkeg. Wat nach laang net ëmmer mam Alter ze dinn huet ! ■ **H.M.**

Marcel REULAND 100 Joer

Ouni vill rondrëm ze brodéieren hu mir hei an der KLACK déi wonnerbar Geleeënheet, bis den Dezember a jidfer Nummer e klengt Gedicht vun engem vun eise beschten "Nokrichsklassiker" ze bréngen…dat sollen eis Blimmercher sinn, déi mir mat eisem Merci deem wonnerbare Lyriker dëst Joer op säi Graf leeën. Mir erënneren drun, datt säi "Gesammelt Wierk" och elo nei erauskënnt.

JUNIOWEND

Verdreemt koum den Owend an d'Gaasse gekroch
an d'Leit sinn an d'Haiser geschotert;
vum Flouer hier huet et no Hee geroch,
an d'Baach huet méi hardi gepotert.

Ganz héich an der Luucht huet eng Wollek gestan,
ass kënnt se net weider méi kommen,
a grouss aus dem Donst vun der groer Gewan
ass d'Liicht an den Himmel geklommen.

Langues minoritaires?

1972 – o, mäi Gott, wéi d'Zäit vergeet! – hunn ech an der Nummer 1 vun der deemoleger Zäitschréft « EIS SPROOCH » geschriwwen, 'Europa' wier natierlech aus ville Grënn eng gutt Saach, mä et däerft **kee « Bulletten-Europa » ginn, wou ee keen eenzelt Stéck méi erëmkennt**. Am Kloertext sollt dat heeschen, et däerft keen säi Gesiicht, seng Identitéit, säi kulturelle Charakter verléieren. Lëtzebuerg och net !

Gemengt war domat, datt och eis kleng Sprooch net däerft an enger Europäescher Unioun verwässeren, verblatzen, verschwannen. Ee Gléck hunn haut déi allermeescht Lëtzebuerger verstan, datt **eis Sprooch – an domat / doduerch eis Sproochesituatioun - en eemolegt Markenzeeche vum Grand-Duché** ass. Eist Sprooche-Gesetz vun 1984 ass eng direkt Folleg vun dësen Iwwerleeunge gewiescht…leider gëtt d'Lëtzebuergescht nach bis elo mat kengem Wuert an eiser Constitutioun ernimmt. Den Artikel 29. seet just *« La loi réglera l'emploi des langues en matière administrative et judiciaire »*. Mir hu proposéiert: *« La langue nationale du Grand- Duché de Luxembourg est le luxembourgeois; la loi réglera l'emploi des langues en matière administrative et judiciaire.»* Et soll emol een äis soen – an dat vrun allem no eisen absolutt positive Gespréicher mat alle Chamberfraktiounen ! - firwat et esou laang bënnt, iert eis léif Chamber déi 11 Wierder an d'Grondgesetz vum Land eraschreift. Si gi géint keen, géint näischt, a scho guer net géint eng aner Sprooch !

Mat deem Schrëtt wiere mir och automatesch aus dem Gewulls vu Sprooch-Definitiounen an der EU! Domat wier juristesch kloer, datt **eis Sprooch z.B. wieder als eng *« langue minoritaire »* nach eng *« langue régionale »* gekuckt** ka ginn, well d'Lëtzebuergescht jo dann op héchstem gesetzlechen Niveau als d'Sprooch vun engem onbedéngt souveräne Staat do sténg. Am Areler Land, an der Lorraine oder an der Äifel ass d'Lëtzebuergescht ganz däitlech eng Minoritéitssprooch, am Sënn vum Flammänneschen an Nordwest-Frankräich, vum Russeschen an de baltesche Länner, vum Däitschen an Norditalien oder a Süd-Dänmark asw.

Héich intressant ass an deem Kontext, datt eis Chamber elo am Mäerz e Gesetz gestëmmt huet *« portant approbation de la **Charte européenne des langues régionales ou minoritaires** »*. Déi « Charte » bestëmmt bis an d'Eenzelheeten, wéi déi Sproochen an anere Länner wéi hirer natierlecher 'Kautsch ' musse versuergt ginn a gehollef kréien…an dat geet ganz ganz wäit! Mir kommen nach op déi Detailer ze schwätzen; et ass ower schued, datt eis Press, geschriwwen, a Biller oder um Mikro dat Gesetz vum 8. Abrëll 2005 lénks (oder riets) leie gelooss huet. Keen Artikel, kee Commentaire, kee Gespréich um Radio an och net déi mannsten Emissiéinchen op der TV. Schued. Mä wat net war oder ass, dat ka jo nach ëmmer nogeholl ginn.

Wa mir an deem neie « Charta-Gesetz » liesen, **wat alles däerf / soll / muss fir d'langues minoritaires gemaach ginn**, da ginn engem d'Aen op ewéi Ginzescheeken! An do hu mir eng wonnerbar Upak, fir all Datselwecht ouni Gefréckels och fir eis Nationalsprooch ze erwaarden / verlaangen! Well an der Belsch, dem Frankräich, Däitschland mussen déi Sproochen elo no dësem neie Gesetz esou behandelt ginn, wéi mir äis et fir eis eegen 'heibannen' nach nëmme kënnen dreemen. Sidd ës sécher, datt mir dee Strack do net lassloossen. Mat allem Respekt an deer néideger Diplomatie, « aber hart in der Sache ». ■ **L.R.**

Dem Här Affekot Marc MODERT, zënter laang ee vun de beschte Frënn vun eiser Actioun-Lëtzebuergesch, wëll ech hei merci fir seng Informatiounen an d'Dokumenter soen.

Staubsauger?

Dat ass eent vun deene Wierder, déi mir esou net brauchen ; och net vu Ping op Pong als **« Stëbssuckeler »** iwwersat…bei äis ass den Ausdrock **« Suckeler »** eppes Anescht, ongefeier mat « Sabbeler » gläichzesetzen. Also sollte mir deer Iwwersetzung « Stëbssuckeler » vläicht op d'mannst gefillsméisseg aus der Wee goen. Wësst dir iwregens, datt déi Maschinn, wéi si an den drësseger Joeren opkomm ass, hei den Numm vun deer éischter Mark krut, vun deer déi Apparate waren ? Déi hu LUX geheescht… a ganz séier hunn d'Leit dat Déngen och **« e Lux »** genannt. Souguer d'Aarbecht domat war « luxen ». Déi Manéier, enger neier Saach en Numm ze ginn, guf et z.B. och an England : do huet de « Staubsauger » d'éischt am Dictionnaire **« vacuum cleaner »** geheescht ; dat war de Leit ower ze gakeg gebengt. Déi éischt englesch / amerikanesch Mark war do iwwer « HOOVER »; a wat ass geschitt ? D'Maschinn guf no an no 'am Vollek' en **« hoover »**, an « to hoover » ass fir d'Aarbecht domat geholl ginn. Wéi esou dacks, guf do aus engem 'nom propre / Eigenwort' en 'nom commun / Allgemeinwort'.

Eise « Lux » ass net bliwwen, well aner Marken, apaart däitscher, d'Geschäfter ganz rapid iwwerschwämmt hunn…dat huet dann och zum « Staubsauger » gefouert! Leit, déi et gutt mat eiser Sprooch gemengt hunn, hunn dann dee komesche « Suckeler » draus gemaach, ower dat huet net richteg gezunn, well d'Wuert nun emol mat « *Sabbeler, Braddeler, Schnuddeler, asw.* » besat war a bleift.

Wéi mir 1978 mat de Lëtzebuergesch-Coursën ugefaang hunn, ass eng Iwwersetzung fir den « Aspirateur » fälleg ginn. Do stonge mir vrum « Staubsauger » wéi d'Bäizercher beim Bierg. Eis Iwwerleeung war dann déi hei: **wat mécht déi Maschinn ?**

Si « stëbst » ; och « stëbsen » huet an eiser Sprooch verschidde Bedeitungen, mä gefillsméisseg kënnt et engem net esou burschikos vir wéi « suckelen ». Eng Lomp / Fatz, mat deer « gestëbst » gëtt, dat ass nun emol eng « Stëbslomp /-fatz »…also ass eng Maschinn, mat deer ee « stëbst »…eng STËBSMASCHINN. Oder net?

An anere Sproochen hunn esou nei Wierder (Neologismen) d'Chance vu Milliarden Zeitungen, Reklammen a Gebrauchsziedelen…déi huet d'Lëtzebuergescht leider net, fir emol heiansdo en neit Wuert ze maachen. Dat packt et dofir d'meescht net bis « virun d'Hausdier ». ■ **P.W.**

eng Fro?…mir hunn (oder sichen iech) d'Äntwert

Zënter Joer an Dag offréiere mir alle Leit eis Hëllef, wann et ëm eis Sprooch geet. Dat huet ewell vrun 33 Joer ugefaang, wéi mir **jidferengem eng Stäip ginn** hunn, deen eng Familljenannonce op Lëtzebuergesch wollt maachen; datselwecht fir e Menü oder soss eng kleng Schreiwerei. Resultat: Eis Sprooch ass haut aus deene Saachen net méi ewechzedenken. Am Laf vun deene ville Joeren ass et och e bëssen de Brauch ginn, datt mir allméiglech Froe gestallt kréien, wou et sech direkt ëm d'Lëtzebuergescht oder indirekt rondrëm eis Nationalsprooch dréint. Ganz dacks sinn déi Froen esou intressant, datt een « eppes kënnt draus maachen », zum Beispill e klengen Artikelchen hei an der KLACK. Et ass natierlech net jidfereen e « Fiederfoxert », oder esou kéng fir selwer ze schreiwen. Mä wa mir fannen, datt esou eng Fro **ze schued fir nëmmen tëscht zwee Oueren um Tëlephon** ass…da brénge mir si och gär fir d'Leit alleguer mat der Äntwert an eiser KLACK. Eis Adress, eisen Tëlephon, eise FAX an eis E-mailen huet dir jo hei uewen. Zéckt net, a profitéiert roueg dovun !

Deutsch-luxemburgisches Wörterbuch
Das unentbehrliche Nachschlagewerk mit 35 000 Stichwörtern und Wendungen.

- von Experten ausgearbeitet
- neuester Stand der deutschen und luxemburgischen Rechtschreibung
- am heutigen Sprachgebrauch orientiert
- Berücksichtigung der Fachsprache (Informatik usw.)
- Angaben zur Aussprache und zur Phonetik des Luxemburgischen

Für jeden, der sich beruflich oder privat mit der luxemburgischen und der deutschen Sprache befasst, stellt dieses aktuelle Wörterbuch der éditions saint-paul ein zuverlässiges Nachschlagewerk und einen praktischen Ratgeber dar.

39,50 €

Im Buchhandel oder portofreie Lieferung bei Überweisung auf das BCEE-Konto saint-paul luxembourg LU61 0019 1300 6666 4000 (bitte Titel angeben).